# En Interview vum Robert Schuman mat Radio-Letzeburg in Luxemburger Wort (11. September 1952)

**Source:** Luxemburger Wort. Für Wahrheit und Recht. 11.09.1952, n° 255; 105e année. Luxembourg: Imprimerie Saint-Paul. "En Interview vum Robert Schuman mat Radio-Letzeburg".

**Copyright:** (c) Imprimerie Saint-Paul s.a

**URL:**
http://www.cvce.eu/obj/en_interview_vum_robert_schuman_mat_radio_letzeburg_in_luxemburger_wort_11_september_1952-lb-01b2982b-1b92-4edd-ba89-a689bf0ed9c3.html

**Date de dernière mise à jour:** 13/04/2017

## En Interview vum Robert Schuman mat Radio-Letzeburg

*No der Aussenministerkonferenz an der Chamber, huet de franse'schen Aussenminister Robert Schuman an der franse'scher Legatio'n dem Speaker vu Radio Letzeburg en Interview ginn, dat mir hei in extenso publize'eren. Den Interview ass göschter owend an der Letzeburger Emissio'n iwer d'Antennen vu Radio Letzeburg gângen, wo'bei d'auditeuren sech vum gudden, onverfälschten Letzeburgesch vum Robert Schuman iwerzége konnten.*

*Fro: Virgöschter, Här Minister, we' Der vir d'Eröffnong vun der Ministerkonferenz beim Stadhaus op dem Knuedler ukom sid, hun d'Letzeburger Iech spontan hir Bewonnerong zum Ausdrock bruecht. Dat huet sech bewisen an déer Ovatio'n, de' ganz aus sech selwer eraus gewues ass. Dir, Här Minister, hut dobei direkt verstanen – grad eso' gutt we' mir och – dass d'Letzeburger Vollek Iech domatt zwéerlé zo'm Ausdrock brenge wollt: E'schtens, de Respekt an d'Unerkennong, jo, d'Bewonnerong vir Er Perso'n. Mir Letzeburger, huelt eis et net iwel, Här Minister, betruechten Iech als de „grand homme", de gro'sse Man vun eiser Hémecht. Wann ech mech eso' ausdreken darf, mir hun Iech gewössermossen annekte'ert. Mé zwétens, war et och d'Bewonnerong vir Ert Wirk. Mir Letzeburger sin ho'freg drop, de Sötz vun déer Autorite't ze sin, de' Eren Numm dre't. - Mir wössen, dass d'Schafong vun engem énhétleche Mart, engem Marché unique vir Stohl a Kuelen, de Kär vun Erem Plang ass. We' gesid Dir elo d'Entwecklong, nodém de' he'ch Autorite'ten hir Arbecht ugefangen huet ?*

Äntwert: Ech wöll elo net lang schwätzen vun Annektio'n, ma de' fröndlech Wirder de' Der u mech gericht hut, de' verstinn ech, an Dir könnt secher sin, dass ech mat vill Emotio'n hei virun dém Mikro schwätzen. Et ass kén Zo'fall, dass d'Idé vun enger Gemengschaft vu Stohl, Eisen a Kuelen grad engem Letzeburger Jong komm ass, dém seng Elteren erlieft hun, an dé selwer dreimol noenén erlieft huet, waat et héscht e Krich ze hun. Et ass he'ch Zeit, dass mer Schluss mâchen mat dém verbriécheresche Wahnsinn d'Welt verbesseren ze wöllen durch Krich an durch Zerste'erong. Dat ass d'Inspiratio'n vun onsem Plang gewiescht. A wann én dann d'Gléck hat, d'Instrument vun der Vorsehung ze sin, dass eso' eng Idé am richtege Moment lance'ert konnt gin, verwirklecht ass gin, a kaum zwé Joer Zeit, an déne Joeren, wo' eso'vill aner Froen sech gestallt hun, aner Surgen ob d'Welt eragebrach sin, da muss é soen, dass én sech glécklech fillt. Ma mer wössen, dass mer nach net um Enn sin. Mir hun den Ufank gemâcht. Dir hut also Recht, wann Der schwätzt vun enger Entwecklong. An de' Entwecklong le'sst sech net eso' berechnen, we' en Auermecher sech seng Arbecht ausrechne kann. Den Auermecher, dén e Klackespill gemat huet, wéss, dass ömmer de' selwecht Melodie sech secher an o'ni Fehler ofspillt. D'wirtschaftlecht Liewen ass awer ké Klackespill. Et ass e stännegt Hin an Hir, birgob, birgof. Et sin do Schwiregkéten, de' é virgesinn huet. Et sin anerer de' onerwart sin. An da mussen de' – all de', de' eng Verantwortung hun am wirtschaftleche Liewen – dat héscht all offiziell Organen, all Regierongen, all Organismen de' geschafe go'wen, d'Arbechter och grad eso' we' d'Patrons'en, all de' mussen zesumme stude'eren, a sichen vir d'Möttel an d'Wéen ze fannen, iwer de' eng glécklech Entwecklong vir de' 6 Länner komme kann. Well kuckt, dat ass den Önnerschéd mat fre'er: Amplaz ge'ntenén ze schaffen get matenén geschafft zwöschen déne 6, we' an engem Verein oder we' an enger Gesellschaft.

*Fro: Här Minister, we' gesid Dir d'Auswirkongen vum énhétleche Mârt op de Liewes-Standard vun dénen honnert fönnef a fofzeg Millio'ne Mönschen, de' durch de' nei Communauté erfâsst gin?*

Äntwert: Do ass dann d'Äntwert ganz einfach! We' mer et schon den 9. Mé 1950 an onser Ufankserklärong gesot hun, ass d'Endziel dat hei: Me' produze'eren, bölleger produze'eren a me'glechst vill Produkten – Kuelen a Stohl an alles wat domatter zesummenhänkt – onser Bevölkerong zo'gänglech ze mâchen, an dat zo' déne beschte Bedengongen. Well eis Bedürfnesser sin eso' gro'ss we' nach nie. Net nemmen durch de' Zerste'erongen am Krich, mé och dodurch, dass mer e soziale Fortschrött kre'en vir ons ganz Bevölkerongen an déne 6 Länner. A wann é sét soziale Fortschrött, da sét én och zo'gleich Uwuessen vun de Bedürfnesser. Well de Liewensstandard, we' Der et mat Recht gesot hut gehuewe göt, mussen mer démentspriechend me', a bölleg a gudd produze'eren.

*Fro: Iren ech mech elo, Här Minister, oder iren ech mech net, wann ech dat hei soen: Durch d'Schafong vum énhétleche Mârt mâche mer e Pool. Dat héscht eng Sâch, de' mer op letzeburgesch mat engem*

*ähnleche Wuert als Pull bezéchne können. Bis elo waren nämlech de' europäesch wirtschaftlech Réserven op eng könschtlech Mane'er an énzel Stécker opgedélt – an en deitscht, e franze'scht, e belscht, e letzeburgescht, en hollännescht, en italiénescht an e saarlännescht. Wa mer de' könschtlech Önnerdélongen ophiéwen, da schafe mer en ongeheiere Réservoir vu wirtschaftlecher Krâft. Mat dém Potential an onsem Besötz, wat mâche mer am Hibléck op onst Verhältnes zo' Russland? Schwätze mer Fraktur oder verhandle mer?*

Äntwert: Ja, elo kommt Der op d'politescht Gebitt. Wat dat wirtschaftlecht ugét ass et richteg, dass d'Resultat vun onsem Plang do dranner bestét, d'Grenzen vir Stohl an Eisen a Kuelen obzemâchen, an dass mer all könschtlech Barrièren zwöschen déne 6 Länner an dém Domaine ofschafen. Ma mer mussen och de' politesch Gegensätz iwerwannen. Zwöschen déne sechs beseitege mer se no an no. Do wöll ech e Wurt soen bezüglech der Saar. Do hu mer haut e gudde Fortschrött gemat an dém Ponkt. An dém wichtegen, heikle Ponkt. A grad Deitschland ge'ntiwer ass ons ganz Politik zönter ve'er, fönnef Joer drop agestallt vir z'erréchen, dass de' Schwieregkéten, de' Hemmnisser, de' jorhonnertelâng zwöschen dénen zwé Länner bestanen hun elo absorbe'ert gi sollen. An dat soll gesche'en durch eng Zesummenarbecht de' mer mat allem gudde Wöllen schafen an opbauen. A mir hun och Russland dovun net ausgeschloss. De' Gemeinschaft, de' mer gebild hun, ass offen zo'gänglech vir all aner Länner. 'T hänkt nömmen vun hinnen of. Natirlech, wann se ons virwerfen an eis dat all Daag soen, mir hätte wölles vir si unzegreifen, mir wöllten e Kirch virberéden, dann natirlech könne mer ons net verstännegen, wann én ons de' falsch Intentio'nen önnerschiebt. Mir wölle grad de Fridden. De Fridden iwerall a mat gidferengem.

*Fro: Nun eng Fro vum reng letzeburgesche Standponkt aus. All Ke'er wann et zum Krich zwöschen onse gro'ssen Nôperen ko'm, hu mir mat, a ganz stârk, do drönner leide missen. Hu mer elo durch d'Verwirkléchong vun Erem Plang, Här Minister, eng absolut Garantie, dass an Zo'konft d'bewaffnet Konflikter zwöschen Frankreich an Deitschland onme'glech gemâch gin?*

Äntwert: Mir sin der Iwerzégong, dass et emso' besser ass, wat mer zo' me' sin. Dobei kontrolle'ert én dén aneren. A wann dén én sech stârk mecht, da profite'ert dat och dénen aneren. Dat ass dat wat én Solidarite't nennt. An dofir hu mer och de Wonsch, dass z. B. England mat ons zesummen ass. England muss matmâchen. Ob de' eng oder de' aner Mane'er. Dodriwer wölle mer eis mat England verstännegen. A mer si fro', dass mer zo' Letzeburg feststelle konnten, bei onse Berodongen, dass England sech ganz entschlossen ob dé Wé ale'sst, an dass mer hoffe können an den nächste Woche schon ganz wertvoll Ofmâchongen zwöschen eiser Gemengschaft vir Stohl a Kuelen an England treffen ze können.

*Fro: Nach en anere Ponkt, eso' we' mir Letzeburger e gesin: Hei am Land si mer alleguer définitio'nsme'sseg Unhänger vun der europäescher Enhét. Dir wösst dat och, Här Minister! – Mais, et ass Iech bestömmt neischt neies, wann ech Iech soen, dass et vill Letzeburger get, de' fèrten, Deitschland könnt an engem Europa, un dém England sech désinteresse'ert, zevill e starken Afloss kre'en. Ass d'Présenz vun enger englescher Delegatio'n bei der He'ger Autorite't derzo' ubruecht, fir ons an déer Hisicht ze bero'egen?*

Äntwert: An dém Sönn hun ech elo grad de' Bemirkongen gemâch. 'T ass net nemmen am Interesse vun Europa, vir d'Ausdehnong vun onser Politik, dass mer wönschen, vir England derbei ze hun. Ma och vir de' Beze'ongen, de' mer elo önner déne sechs Länner schâfen, ze verstärken an ze festegen hätte mer gär wann England derzo' ke'm, a gewessermossen mat senger Presenz hei önner ons seng moralesch Garantie matbrengt.

*Här Minister. Menger Usicht no gét et net duer, fir nömmen d'Stohl an d'Kuele-Productio'n zesummenzeléen. Och de' aner Industrien mussen erfâsst gin. An dat schengt mer net anescht me'glech ze sin, we' durch d'Schafong vun enger politescher Autorite't, de' ons endléch e verénegt Europa brengt.*

Äntwert: Wat Der elo gesot hut, dat ass schon an der Ufangserklärong enthalen, de' ech den 9. Mé 1950 ofgin hun. Mir wösse ganz gené, a mir soen et och ganz bewosst, dass et nemmen en Ufank ass, dé mer elo gemâch hun. Dé Geménschaftsgéscht, dé mer elo nemmen ob dém beschränkte Gebitt vu Kuelen a Stohl geschâft hun, muss sech ausdehnen. An ech ge'f soen, en dehnt sech onwillkürlech aus ob aner

wirtschaftlech Gebitter. 'T ass secher, dass mer och eso' eng Gemeinschaft ze bilde kre'en vir d'Transportwiesen, vir d'Landwirtschaft, vir d'Elektrizitei't. An dann och ob engem anere Gebitt, dat éschtlech wichteg ass, well et nämlech d'Geld ugét. Wa mer och net gleich dat welwescht Geld vir de' 6 Länner kre'en, da musse mer we'negstens eso' eng Situatio'n schâfen, dass d'Geld frei vun engem Land zum aneren kommen, an o'ni Kontroll emgewiesselt gi kann. Dat nennt én d'Konvertibilite't. So' weit ob wirtschaftlechem Gebitt. Ma och a politescher Hinsicht musse mer, a komme mer weider. Mer hu grad haut de Murjen – an dat war vleicht eng vun dénen wichtegsten Entschédongen, de' mer hei zo' Letzeburg getraff hun – eng politesch Organisatio'n vir Euroopa an d'Aa gefâsst. Et ass vun déne 6 Regirongen éstömmeg beschloss gin dohinner ze wirken, dass de Studium vun deer politescher Gemeinschaft an déer politescher Organisatio'n zwöschen déne sechs – an nach vleicht me' – europäesche Länner an Ugröff geholl get. An do braucht Dir Letzeburger net ze erfe'eren. Et handelt sech net dröm vir Grenzen de' bestin, auszewöschen. Dat le'sst sech net mâchen. De' sin historesch begrönd durch ons Traditio'nen an durch gidferengem seng Zo'gehe'regkét zo' sengem Land an zo' den Institutio'nen, de' et sech frei geschâfen huet. Grad eso' we' d'Birger frei go'wen an engem organise'erte Staat, wölle mer frei Länner kre'en an engem organise'erten Europa.

*Här Minister, Er Wirder kommen net nömmen eis Letzeburger vir we' de Ruff vun enger besserer Welt an enger besserer Zukunft, mé och allen europäeschen Natio'nen. Ech hoffe ganz stârk, an ech wéss, dass ech domat der Hoffnong vun dem ganze Letzeburger Vollek Ausdrock gin – well gidfer Letzeburger ass friddlech an sengem Härz – dass dat Wirklechkét get. Mir wönschen Iech perse'nlech vill Gléck an Ere Beme'ongen. An eis allegurte wönsche mer eng sche'n Zo'konft iwer déer d'Sonn vu Fridden, vu Verständnes a vu Gerechtegkét leit.*